LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 6 avril 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:55, 06/04/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 3876 du 18 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Sven Clement au sujet du service de transport Adapto, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 3876 vum 18. März 2021 vum honorablen Deputéierte Sven Clement betreffend der Reform vum Adapto Transport am Joer 2020**

1. Tëschend Januar 2020 a Mäerz 2021 sinn insgesamt 7.211 Demanden agaangen wouvunner 5.641 (Stand 24.03.2021) Leit eng Kart accordéiert kruten.

2. Vun de fréiere Beneficiairen, déi eng nei Demande wéinst der Reform eragereecht haten, kruten 580 Persoune keng Kaart wäll d'Conditioune vum Handicap an der Mobilité réduite net erfëllt waren. Laut den Informatiounen déi aus de jeweilegen Dossieren erviergaange sinn gouf évaluéiert dass déi Leit sech durchaus mat hirem Auto an/oder dem ëffentlechen Transport kennen déplacéieren. Vu dass awer nach keng offiziell Commission d'évaluation do war, déi fir e Recours kéint ugeschriwwe ginn, gouf dono décidéiert deene Leit eng provisoresch Kaart ze accordéieren. Stand haut, sinn et 174 Persoune mat enger provisorescher Kaart.

3. Schätzunge goufe keng gemaach. Et war virun der Reform nämlech weder virauszegesinn, wéivill Persounen nach géifen ënner d'Conditioune falen, nach wéivill der iwwerhaapt nach eng Demande géifen erareechen, wäll mäin Zerviss keen Accès op d'Informatioun huet ob d'Persounen iwwerhaapt nach liewen. Schlussendlech huet dunn jidfereen nees eng Kaart kritt deen eng gefrot hat, an entretemps kruten verschidde Persounen dovunner och eng definitiv Kaart, wann den neien Certificat dat justifizéiert huet.

   Ech kann awer soen, dass di lescht Joren den Adapto ëmmer ëm 12 bis 13,5 Millioune kascht huet; 2019 waren et 13.032.079,46€. 2020 waren et just 8.283.159,63€, bedéngt duerch de Covid gouf jo vill manner gefuer.

4. D'Acteuren souwuel vum Transport wéi och vum Strossebau hu scho vill Effort'e gemach fir d'Accessibilitéit vum ëffentlechen Transport ze verbesseren. Mäi Ministère schafft weiderin un enger Strategie, fir all Persounen eng accessibel Offer am reguläre ëffentlechen Transport unzebidden. Am Sënn vun enger Inklusioun vu Persoune mat enger Behënnerung an der UN-Behënnerterechtskonventioun kann et net d'Zil sinn, parallel zum ëffentlechen Transport op Dauer e separaten Transportzerviss fonctionnéieren ze loossen.

   - Den Accès ob der Haltestell muss stufefräi, mat taktile Leitlinnen an engem erhéichte Bordsteen geplangt ginn, fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit den An- an Ausstig an e Gefier ze erméiglechen. An dem Kader gouf 2012 eng Brochure vum Verkéiersverbond (haut d'Verwaltung fir ëffentlechen Transport) an Zesummenaarbecht mat Behënnerteverbänn (Infohandicap an Adapth) an dem Syvicol entwéckelt, déi Gestaltungsempfehlungen fir Bus-Arrêten definéiert huet. Zil vun dëser Broschür war et fir de Gemengen eng Orientéierung ze bidden, fir en Busarrêt méi accessibel ze gestalten. D'Ëmsetzung an Planung vun den Haltestellen läit an der Verantwortung vun den jeeweilegen Gemengen.

   - Den Accès zu den Gefierer an en komfortabelen Openthalt (Bus, Zuch, Tram) spillt och eng wichteg Roll, fir dass Leit, déi op Hëllefsmëttel (e Rollstull, e Rollator, Gehhëllefen, etc.) ugewisen sinn, kënne matfueren. Duerch déi nei Ausschreiwung vum RGTR-Reseau kommen ab 2022 haaptsächlech "Niederflurbusser" (Low-entry Bus) zum Asaz, déi och eng Openthaltsplattform hunn, déi an Kombinatioun mat enger PMR-gerechter Haltestelle en méi einfachen An- an Ausstig fir eng Persoun mat ageschränkter Mobilitéit erméiglechen. Ab 2022 wäerten 160 vun den 185 Lignen déi am Ëmlaf sinn mat PMR-gerechten Busse fueren. Bei der CFL-Bus, AVL, dem TICE an der Luxtram sinn aktuell schonn flächendeckend Low-Entry Gefierer am Ansaatz.

   - D'Fahrgastinformatioun muss fir all Mënsch zougänglech, diskriminéierungsfräi an verständlech sinn, fir Mëssverständnesser ze vermeiden. Och hei gëtt dru geschafft, fir sech un d'EU-Direktiven ze halen an eng Informatioun unzebidden, déi mat 2 vun 3 Sënner (Gesinn, Héieren, Taaschten) kann wouergeholl ginn.